15 Projeten ginn an der 3. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt

De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 29 Projeten analyséiert.

Insgesamt 7.870.377 Euro ginn an d'Produktioun, an d'Ecriture wéi och an den Developpement vu 15 Filmprojete investéiert.

15 Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Selektiouns-Comité de Dënschdeg den Owend matgedeelt.

Déi gréissten Zomm 3.000.000 Euro, geet un den Film *Tally Ho!,* deen den Sean McCormack wëll realiséieren. Am Ganzen gi 6 Filmer, 1 Animatiounsfilm, 1 Dokumentarfilm, 1 Serie, 1 Doku-Animatiounsserie, 1 Animatiounserie, 2 Kuerzfilmer a 2 Animatiounskuerzfilmer finanziell ënnerstëtzt.

De Comité de sélection kennt all Joers véiermol zesummen, déi nächst Sessioun wärt dann am November statt fannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehale goufen, fannt Dir am offiziellen Pressecommuniqué vum Filmfong.